


Och dëst Joer hat den Flyfishing Club aus Lëtzebuerg eng Sortie op den Domaine de Coyolles am Joresprogramm virgesinn. Siwen Memberen an den Mister Winston haten sech op de Wee gemaach fir beim Céline an beim Vincent dräi formidabel Deeg mat schéinstem Fréijoers Wieder ze verbréngen. Den Domaine de Coyolles läit wonnerbar an d´Natur integréiert an bitt dem Méckefëscher awer wierklech Alles wat eis Passioun ausmécht. Mir hunn och dës Kéier erëm ze spieren kritt, beim Céline a beim Vincent do sinn mir wëllkomm a fillen eis ewéi Doheem.











Dräi Deeg wou et eis awer och un guer Näischt gefeelt huet, vill an wonnerbar Fësch, gudden Kascht an Duuscht huet och Keen vun ons gelidden. Moies ass et schonn beim Kaffi lass gaangen do sinn schonn déi éischt Erënnerung vun fréier opgefrëscht ginn ewell den Domaine de Coyolles ass schonn eng ganz Rei vun Joren fest an eisem Joresprogramm integréiert an mir kucken och op vill schéin Momenter op dësem Site zeréck déi een sech ëmmer erëm an Erënnerung bréngen kann, mee och den Fränz deen fir d´éischten Kéier mat dobäi war, war vun Ufank aus un begeeschtert an et kann een roueg soen dass den Site dem Fränz sengem gemittlechen Gemitt ganz entsprach huet an Hien huet dat och dräi Deeg laang ausgelieft. Ënnerbruecht waren mir ewéi ëmmer um Site selwer wou Schloofgeleenheeten fir 10 Fëscher bereet stinn, zwar dierf een sech keen Luxus erwaarden mee duerfir sinn d´Zëmmeren ganz propper an och gutt equipéiert.





U sech wollt den Patrick eis säin schéine Fësch weisen ....... mee do war ech wuel net schnell genuch ..... et sief woubäi mir beim Fëschen wären. Um Domaine de Coyolles soll een laut dem Vincent mat drëschen Mécken oder mat Nymphen fëschen mee och eng Stylwaternymph gëtt awer toleréiert an u sech brauch een och net mam Streamer ze fëschen ewell och déi genannten Varianten genuch Fësch liwweren. Um Site ass awer och een Weier wou een kann op den Hiecht fëschen an heivunner haten dann och ee puer vun eisen Fëscher profitéiert an den Jemp konnt zeguer een meter zwanzeg Hiecht fänken...... also dräi vun 40 cm mee duerfir waren et awer ganz schéiner an den Jemp huet sech net manner gefreet ewéi wann et méi grousser gewiescht wären. Och sinn d´Weieren zu Coyolles mat Black Bass en besat un deenen mir eis awer d´Zänn ausgebass hunn ewell se einfach net ze fänken waren. Mir hunn awer an dräi Deeg esouvill Forellen gefaangen dass dat eis guer Näischt ausgemaach huet an et ass schonn erléng flott déi Black Bass en ze gesinn ewell et dach éischter seelen ass an eisen Breedegraden d´Méiglechkeet gebueden ze kréien dës Zort Fësch ze fänken.







Den Robert, den Marc an den Fränz hunn et ganz gemittlech ugoen gelooss, wuel kann een zu Coyolles vun deenen selleschen groussen an kléngen Weieren an dem Kanal deen duerch den ganzen Site féiert profitéieren mee dat ass awer keng mussen Saach ewell een och ouni vill hin an hir ze lafen seng Fësch fänkt. Dat wat awer den Site ausmécht an ëmmer erëm faszinéierend ass, ass déi Rou an dovunner kann een profitéieren bis dass den Dag schlofen geet. Den Dages Verlaf gesäit dann och folgender Mossen aus, Moies opstoen, an Dusch goen an dann gëtt an aller Rou Kaffi gedronk an den Plang vum Dag opgestallt, woubäi schonn deen een oder aneren gutt gemengten Rot dobäi erauskënnt, natierlech ënnerbrach vun kléngen Stëppelereien vun eisem President, wat dann och mat sech bréngt dass schonn Kaffi drénken sech an d´Längt zitt. Duerno ass dann fëschen ugesot bis hallwer Eng an dann gëtt et Mëttegiessen, zerwéiert mat ee bëssen Fëscherlatäin vun eisen Memberen ewell schonn iwwer Dësch fänken déi gefaangen Fësch erëm un ze wuessen. Nom iessen loossen mir et dann méi lues ugoen ewell ee bëssen Energie halen mir eis dann fir d´Owesiessen dat um hallwer Siwen zerwéiert gëtt an duerno gëtt gefëscht bis et

däischter ass an dat sinn dann och meeschtens déi schéinsten Stonnen wann den Dag lues a lues zu Enn geet an den Drock op eisen Fëscher ëmmer méi noléisst, dat sinn déi Momenter fir déi mir 350 km fueren.





























Ah Jo an ofschléissend net ze vergiessen eisen Club Fotograf war jo och dobäi Hien huet zwar net esouvill gefëscht ........ awer bal esouvill gefaangen ewéi déi aner mee duerfir huet Hien awer Fräschen an Villercher op sengen Fotoen mat Heem geholl an stoung ze guer bis Mëtternuecht dobaussen fir Stären ze fotograféieren an wat soll ech soen och Hien war méi ewéi zefridden an war net manner begeeschtert ewéi seng Fëscher Kolleegen. Fazit ..... déi Fëscher Kollegen déi net dobäi waren hunn eppes verpasst zemools wou neierdéngs och een Geschäft um Domaine de Coyolles ass wou een Alles kafen kann wat een braucht oder mengt et misst een brauchen.

